N°4129
Entrée le 29.06.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Gemeinsam Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, vun der Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet, Martine Deprez, vun der Verdeedegungsministesch a Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko Backes, op d'parlamentaresch Fro n° 4129 vum 22. Mee 2026 vum éierbaren Deputéierten Marc Goergen iwwer den « Développement de l'Uerschterhaff à Sanem »**

1. **Leien der Regierung Informatiounen iwwer Projeten op de staatlechen oder net-staatlechen Terrainen laanscht d'Rue Uerschterhaff zu Suessem vir a falls jo, wéi eng?**

2. **Gouf d'Regierung oder ee vun de concernéierte Ministèren am Kontext vu Projeten op dësen Terraine kontaktéiert a falls jo, vu wiem a fir wéi eng Projeten?**

<u>Äntwerten op d'Froen 1 an 2</u>

Aktuell sinn dës Projeten op Säite vu verschidde Ministère a Verwaltungen an Ausaarbechtung:

- D'Realisatioun vun enger ëffentlecher Infrastruktur fir d'Centrale nationale d'achat et de logistique (CNAL) ass laanscht d'Rue Uerschterhaff, an der Zone d' Activités « Aessen » zu Suessem, vum Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet virgesinn. Et handelt sech ëm de Bau vun enger automatiséierter Logistikhal, déi eng externaliséiert Spidolsapdikt an eng zentral Sterilisatioun fir d' Spideeler ëmfaasst, esou wéi d'Büroe vun dësem Etablissement public. De Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet verfüügt iwwer keng Informatiounen zu anere Projeten, déi op den Terraine virgesi wären, déi an der parlamentarescher Fro spezifesch viséiert ginn.
- Um Site vum Centre pénitentiaire d'Uerschterhaff (CPU) gëtt aktuell ee Centre de formation mat ënnert anerem Formatiouns- an Trainingssäll, administrative Raimlechkeete fir d'Administration pénitentiaire geplangt souwéi ee Schéissstand fir d'Agente vun der Police Grand-Ducale.
- Donieft ass, wéi an de Chamberkommissioune fir d'Ausféierung vum Budget a fir d'Verdeedegung bei verschiddene Geleeënheeten erkläert gouf, eng Erweiderung vum Site vun der WSA geplangt fir de Military Multi-Modal Hub (M3H) z'accueilléieren. Dës Erweiderung ass op de Parzellen tëscht dem CPU an der bestoender WSA virgesinn.
- D'Direktioun "Domaines de l'Etat" vum Finanzministère huet desweidere keng Informatiounen iwwer de Bau vun engem Centre commercial op staatlechen Terraine laanscht d'Rue Uerschterhaff zu Suessem.

Lëtzebuerg, de 29. Juni 2026
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth